

D'Geschicht vum Offallmonster



Impressum



Autor: Jeff Schmit

Illustrationen: Carlo Schneider

Umschlagkonzept: **SuperDrecksKëscht®**

Stoppt den Offall!

Wat mir all, ob Grouss oder Kleng kënnen maachen fir manner Offall ze hun, dat gitt dir an dëser Geschicht gewuer. Deierchen an seng Frënn brengen et fäerdeg den Bierg un Offall ze verklengeren an eis Alleguer ze weisen wéi en Offall kann vermeiden.
An lass, stierzt lech an d'Geschicht.

Ëmmer Méindes kënnt
d'Offallmonster an d'Stad
a frësst de ganzen Offall
den d'Leit an hier schwaarz
Dreckschëscht geheit hunn.
Wat méi Offall dran ass wat
Offallmonster méi grouss,
méi staark a méi béis gëtt.



A wann d'Monster bis voll
gefriess ass, da geet hatt
an de Bësch an zertrëppelt
d'Natur oder suergt mat
sengem Gestank dofir datt d'Villercher vum Himmel falen.

Alt erëm eng Kéier war esou en Dag wou d'Monster säin Onwiese gedri-
wwen huet. Verzweiwelt huet Déierchen dem Monster nogekuckt.
„Wat kéint ech nëmme maache fir dat Offallmonster do ze stoppen?“ huet
Déierchen sech gefrot an huet nogeduecht...an nogeduecht...an nogedu-
echt.

Op eemol hat Déierchen eng Iddi, „Ech muss einfach dofir suergen datt





d'Monster manner ze iesse kritt. Well wann et manner ësst, da gëtt et net méi esou staark, net méi esou grouss a net méi esou béis, an et mëscht och bestëmmt d'Natur net méi futti."

Déierche kennt sech gutt aus mat geféierlechem Offall, esou wéi zum Beispill mat Batterien, Medikamenter a Faarwen.

Hatt weess nämlech ganz genau datt déi Offäll an d'**SuperDrecksKëscht**®

gehéieren.

Déi ganz Woch ass Déierchen duerch d'Stad gelaf an huet déi geféierlech Offäll aus de schwaarzen DrecksKëschten eraus geholl an se an d'**SuperDrecksKëscht**® bruecht. „Haha, lo ass scho vill manner wat d'Monster friesse kann“ huet Déierchen sech gefreet.

Alt erëm eng Kéier war et Méinden. Vu wäitem huet Déierchen d'Offall-



monster schonn héiere kommen. Déierchen huet sech séier a Sécherheet bruecht.

Wou d'Monster an der Staat ukoum, huet hat DrecksKëschte méi séier eidel gefriess, ewéi Déierchen kucke konnt.

„Oh nee, et war nach ze vill Offall fir d'Offallmonster do. Hatt ass nach ze staark“, huet Déierchen sech opgereegt. „Ech muss ee sichen dee mir bei mengem Problem hëllef kann.“ Déierchen huet sech op de Wee gemaach. Op eemol koum Déierche bei eng Gestalt déi hatt nach ni gesinn hat. „Moien ech sinn Déierchen“ sot Déierchen. „A wien bass du?“



„Majo ech sinn de Pabeiermich“ huet de Pabeiermich geäntwert. „Ech heesche Pabeiermich well ech aus alem Pabeier neie Pabeier maa-che kann.“



„Dat ass jo immens“ huet Déierchen sech gefreet. „Da kanns du mir hëllefem dem Offallmonster de ganzen Offall ewech ze huelen. Ech bréngen déi geféierlech Saache bei d’**Super-DrecksKëscht**®, an du mëss aus dem ale Pabeier, neie Pabeier.“

Si hunn sech direkt un d’Aarbecht gemaach. Déi ganz Woch ass Déierchen an de Pabeiermich duerch d’Staat gelaf. Si hunn déi geféierlech Offäll an de Pabeier aus de schwaarzen DrecksKëschten eraus geholl.

„Haha, lo ass scho vill manner do fir d’Monster fir ze friessen“ hunn déi zwee sech gefreet.

Alt erëm eng Kéier war et Méinden. Vu wäitem huet Déierchen an de Pabeiermich d’Offallmonster schonn héiere kommen. Déi zwee hu sech



séier a Sécherheet bruecht.
Wou d'Monster an der Staat ukoum,
huet hat Drecks-këschte méi séier
eidel gefriess, ewéi déi zwee Frënn
kucke konnten. Wou Drecks-këscht-
ten all eidel waren ass d'Monster
erëm zeréck an de Bësch gaangen
an huet d'Natur zertrëppelt, a säi
Gestank verbreet.

„Oh nee, et war nach ze vill Offall fir
d'Offallmonster do. Hatt ass nach ze
staark“, sot Déierchen zum Pabeier-
mich. „Mir müssen ee sichen deen
eis bei eisem Problem hëllef kann.“
Déierchen an de Pabeiermich hunn
sech op d'Sich gemaach.

Op eemol koum Déierchen an de Pabeiermich bei eng Gestalt déi si nach ni
gesinn haten.

„ Moien ech sinn Déierchen, an dat heiten ass mäi Frënd, de Pabeiermich“



sot Déierchen. „A wien bass du?“ „Majo ech sinn de Kompi!“ huet de Kompi geäntwert. „Ech kann aus Uebst- a Geméisreschter Kompost maachen. An mäi Kompost hëlleft dann de Planzen ze wuessen.“



„Dat ass jo immens“ huet Déierchen sech gefreet. „Da kanns du eis hëllefem dem Offallmonster de ganzen Offall ewech ze huelen. Ech bréngen déi geféierlech Saache bei d’**Super-DrecksKëscht**®, de Pabeiermich mëscht aus alem Pabeier, neie Pabeier an du mëss aus den Uebst-a Geméisschuele Kompost.“

D’ganz Woch hun se zu dräi déi geféierlech Offäll, de Pabeier an d’Uebst-an d’Geméisschuelen aus de schwaarzen DrecksKëschten eraus geholl. „Haha, lo ass scho vill manner do fir d’Monster fir ze friessen“ hunn déi 3 sech gefreet.





Alt erëm eng Kéier war et Méinden. Vu wäitem huet Déierchen, de Pabeiermich an de Kompi, d'Offallmonster schonn héiere kommen. Déi 3 hunn sech séier a Sécherheet bruecht.

Wou d'Monster an der Stad ukoum, huet hatt Dreckskëschte méi séier eidel gefriess, ewéi déi dräi Frënn kucke konnten. Wou Dreckskëschten all eidel waren ass d'Monster erëm zeréck an de Bësch gaangen an huet d'Natur zertrëppelt a säi Gestank verbreet.

„Oh nee, net schonn erëm. Et war nach ze vill Offall do. D'Offallmonster ass nach ëmmer ze staark“, sot Déierchen zu senge Frënn.

„Mir müssen ee sichen deen eis bei eisem Problem hëllef kann.“ huet de Kompi gemengt. Déierchen, de Pabeiermich an de Kompi hunn sech op d'Sich gemaach.





Op eemol kouw Déierchen, de Pabeiermich an de Kompi bei eng flott Madame, déi sie nach ni gesinn haten.

„Moien ech sinn Déierchen, an dat heiten si meng Frënn, de Pabeiermich an de Kompi“ sot Déierchen.

„A wien bass du?“

„Majo ech sinn d'Vali!“ huet d'Vali geäntwert. „Ech sammelen all Béchsen, Plastiksfläschen a Gedränkskartone fir aus dësen ale Saachen erëm wonnerschéin nei Saachen ze maachen. Wéi zum

Beispill aus enger Plastiksfläsch e Pullover.“

„Dat ass jo immens“ huet de Kompi geruff. „Da kanns du eis hëllefen dem Offallmonster de ganzen Offall ewech ze huelen“

„Also et ass ganz einfach“ sot Déierchen.

„Ech bréngen déi geféierlech Saache bei d'**SuperDrecksKëscht**®, de Pabeiermich mëscht aus dem ale Pabeier neie Pabeier, de Kompi mëscht aus



Uebst- a Geméisschuele Kompost, an du Vali, du sammels d'Plastiksfläschen, d'Béchsen an d'Gedrénkskartone fir wonnerschéin nei Saachen ze maachen.

Si hunn sech direkt un d'Aarbecht gemaach.

Déi ganz Woch ass Déierchen, de Pabeiermich, de Kompi an d'Vali du-
erch d'Stad gelaf. Si hunn déi geféierlech Offäll, de Pabeier, d'Uebst- an
d'Geméisschuelen an d'Béchsen, d'Plastiksfläschen an d'Gedrenkskarto-
nen aus de schwaarzen Dreckschächten eraus geholl.

„Haha, lo ass scho vill manner do fir d'Monster fir ze friessen“ hunn déi
véier sech gefreet.

Alt erëm eng Kéier war et Méinden. Vu wäitem huet Déierchen, de Pabeier-
ermich, de Kompi an d'Vali, d'Offallmonster schonn héiere kommen. Déi
véier hunn sech séier a Sécherheet bruecht.

Wou d'Monster an der Staat ukoum, huet hatt Dreckschächte méi séier
eidel gefriess, ewéi déi véier Frënn kucke konnten.





Wou Dreckschächten all eidel waren ass d'Monster erëm zeréck an de Bësch gaangen an huet d'Natur zertrëppelt a säi Gestank verbreet. Wou d'Monster bis fort war, sinn déi véier Frënn aus hirer Stopp eraus komm.

Si ware verzweiwelt. „Wat solle mir nëmme maachen“ huet Déierche gekrasch. „Mir huelen all Woch méi Offall aus den Dreckschächten eraus, mä et ass nach ëmmer souvill dran datt d'Monster staark bleift.“

Wéi déi 4 Frënn verzweiwelt an dou-dmidd do setzen, ass op emol ee Männche laanscht getrëppelt dee bis elo nach kee vun de véier Frënn gesinn hat. Et war de REDUZI. „Wat ass da mat lech hei lass?“ huet de Reduzi gefrot.

„Mir kréien dat béist Offallmonster einfach net gestoppt, an dofir si mir traureg“ huet d'Vali gekrasch.

„Oh ech mengen do kann ech lech hëllefen“ huet de Reduzi gelaacht.



„Eis hëllefен?“ huet de Pabeiermich ganz erstaunt gefrot. „Wéi soll dat da goen? Mir hunn dach schonn alles probéiert. »

Déierchen, de Pabeiermich, de Kompi an d'Vali hunn sech mat groussen Aen ugekuckt. „A wéi soll dat da genau funktionéieren?“ huet Déierche gefrot.

„Majo ganz einfach, ech ginn einfach bei d'Mënschen an ech erklä-

ren hinnen datt si manner Offall solle maachen. An dofir müssen si just ee puer kleng Saachen änneren. Am Platz d'Schmier a Pabeier oder Plastik anzepake kann een zum Beispill eng Schmierekëscht benotzen.

Oder wann ee well ënnerwee drénke kann een eng Gedrénksfläsch benotzen, an net all Kéiers Fläschchen huelen déi een dono muss ewech geheien. An dann entsteet direkt vill manner Offall a manner Fudder fir d'Offallmonster“

„Dat ass ee gudde Plang“ hunn déi véier geruff. „A mir véier, mir maache weider fir déi geféierlech Offäll, de Pabeier, d'Uebst- a Geméisschuelen, d'Plastiksfläschchen, Dousen an d'Gedrenkskartonen aus der Dreckskëscht





ze huelen.“

Déi fënnef hunn sech un d'Aarbecht gemaach.

Déi ganz Woch ass de Reduzi bei d'Leit aus der Staat gaangen, an huet hinnen Tipps ginn, wéi si manner Offall kenne maachen. Déierchen, de





Pabeiermich, d'Vali an de Kompi hunn weider den Offall aus de schwaarzen Drecks-këschten erausgeholl.
 An zum Schluss vun der Woch waren Drecks-këschten esou gutt ewéi eidel.



Alt erëm eng Kéier war et Méinden. Vu wäitem huet Déierchen, de Pabeiermich, de Kompi, d'Vali an de Reduzi d'Offallmonster schonn héiere kommen.

Déi fënnef hunn sech séier a Sécherheet bruecht.

Wou d'Monster an der Staat ukoum, huet hat an Dreckschëschte gekuckt.

Mä des waren esou gutt ewéi eidel. Dem Monster säi Bauch huet vun Hunger gegrommelt mä hatt ass net sat ginn.

A voller Roserei ass d'Monster fort-gelaf.



Déi fënnef Frënn sinn aus hirer Stopp eraus geklommen an hunn gefeiert. D'Offallmonster ass ni méi an der Staat gesi ginn, d'Villercher hunn ëmmer



um Himmel gepaff an
de Bësch war schéi
gréng.








LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Administration de l'environnement

Administration de l'environnement

1, avenue du Rock'n'Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette
Tel.: 40 56 56-1 · Fax: 49 62 56



**CHAMBRE
DES METIERS**
Luxembourg

Chambre des Métiers
2, circuit de la Foire internationale
L-1347 Luxembourg
Tel.: 42 67 67-1 · Fax: 42 67 87



**CHAMBER
OF COMMERCE**
LUXEMBOURG

Chambre de Commerce
7, rue Alcide de Gasperi
L-2981 Luxembourg
Tel.: 42 39 39-1 · Fax: 43 83 26

SuperDrecksKëscht®

Zone Industrielle Piret
L-7737 Colmar-Berg
Tel.: 48 82 16-400 · Fax: 48 82 16-255

e-mail: akademie@sdk.lu

**Internet: www.sdk.lu
sdk-akademie.lu**



**ENTREPRISE
RESPONSABLE**

Stratégie RSE • Gouvernance • Social • Environnement



ausgezeichnet von
der EU-Kommission
als 'best practice'



VERIFIED
ENVIRONMENTAL
MANAGEMENT
LU-080005

sdk_superdreckskescht

